



**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri KOX, vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, vun der Madamm Gesondheetsministesch, Paulette LENERT, an vun der Madamm Justizministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8115 vum 28. Juni 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy ARENDT.**

Ass dem Minister fir bannenzeg Sécherheet déi uewe genannten Drogen-Problematik bekannt?

Circuléiert déi genannten Drog och zu Lëtzebuerg?

Sinn am Zesammenhang mat där genannter Drog scho Jonker zu Lëtzebuerg hospitaliséiert ginn?

Hei am Land gouf bis elo nach keng Extasy-Zort „Blue Punisher“ saiséiert.

Kann d'Regierung eis soe wéi vill Mannerjäreger an deene leschte Jore generell wéinst Drogen an d'Klinik ageliwwert gi sinn? Ëm wéi eng Drogen handelt et sech dobäi haaptsächlech?

D'Gesondheetsdirektioun verfüügt zur Zäit net iwwert aktuell, detailléiert a validéiert Donnéeën iwwert Hospitalisatioune wéinst Problemer, déi mam Drogenkonsum zesammenhänken an déi no Substanzen an Altersgruppen geglidert sinn. Déi rezensten Donnéeën an deem Beräich sinn dem *Nationalen Drogenrapport* vun 2022<sup>i</sup> ze enthuelen. Aus deem geet ervir, dass 2021, 377 Traitementsepisoden wéinst Drogeproblemer an nationalen Spideeler stattfonnt hunn, all Substanzen an Alterskategorie abegraff.

Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir déi Jonk nach méi konsequent a punkto Drogen ze sensibiliséieren?

Eng vun de Prioritéite vum *Nationalen Drogenaktionsplang 2020-2024* ass d'Präventioun bei de Jonken, an d'Sensibilisatioun vun de Jonken am Beräich Drogen a Sucht; an déi verschidde Mesuren, déi doranner enthalen sinn, sinn am Gaangen ëmgesat ze ginn. Dobäi kënnt, datt eng Rei Aktiounen vum rezent presentéierte *Plan National Santé Mentale (PNSM)* deeselwechten Objektiv viséieren. Des Weidere schafft de *Centre National de Prévention des Addictions (CNAPA)* un enger holistescher nationaler Strategie am Beräich Suchtpräventioun zesumme mat all de concernéierten Acteuren.

An de Lycéeën ginn ab der Rentrée scolaire 2023 „Coordinateurs Addiction“ agefouert, déi eng Expertis am Beräich vun der Suchtpräventioun an der Suchtinterventioun hunn an déi am Lycée an och fir extern Partner Usprichpersoun sinn am Kontext vum Konsum an dem Trafic vu legalen an illegalen Drogen. An hiren Tâchen ass virgesinn, datt si de Lien maachen tëschent der Schoul, den externe Partner vun der Drogepräventioun, der *Prise en charge thérapeutique* an der Police.

En Drogepräventiounsguide gëtt ënnert der Leedung vun de „Coordinateurs Addiction“ an de Lycéeën ëmgesat an dës Mise en place gëtt vun engem internen Aarbechtsgrupp begleet. De Guide beinhalt Richtlinnen am Kontext vun der Confidentialitéit, dem Signalement an och der Präventioun an ass an Zesummenaarbecht mat der Police an externen Experten aus dem Beräich vun der Suchtpräventioun, opgrond vun de besteeënden Erfahrungswärter, ausgeschafft ginn.

Am Kader vun der Reglementéierung vum Cannabisubau, déi séit dem 21. Juli a Kraaft ass, fënnt och aktuell an iwwert di kommend Wochen eng Sensibilisatiounscampagne statt fier z'erkläre waat erlaabt a waat weiderhi verbuede bleift, wéi zum Beispill de Konsum fir-oder a Géigewaart vu Mannerjäreger.

Lëtzebuerg, den 07. August 2023

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX

<sup>i</sup> <https://gouvernement.lu/dam-assets/fr/publications/rapport-activite/minist-sante/2022-rapport-relis/ra-relis2022-anglais-light.pdf>